



E klenge Compte rendu “Bass du Mega”

vum Gespräch vun der Mme Hetto mat de Schüler am Lycée Aline Mayrisch 19.04.2013



Di 15. Editioun vum Mega on Tour huet eis an den Lycée Aline Mayrisch gefouert, wou d'Mme Hetto-Gaasch ganz häerzlech vum Herr Direkter Ternes a senger Equipe empfang gouf. Gudd 60 Schülerinnen a Schüler vu verschiddene 5ièmen, hu sech op eng ugeregten Diskussioun mat der Madame Hetto gefreet, an dat am Kader vun hierer Projektwoch die Schüler ennert dat spezifesch Thema „Sexismus bzw. Gleichberechtigung zwischen Mann und Frau“ gestallt haten.

Den Herr Direkter huet ënnerstrach wei wichteg esou Initiativen wéi de Mega on Tour oder och nach de Girls' Day Boys' Day (GDBD) sinn.

Uشلéissend huet hien d'Wuert un d'Madame Ministesch weider geleet an d'Madame Hetto huet gefroot weivill Schüler sech dann fir den GDBD 2013 ageschriwwen hun. Léider war dat bei kengem vun de Schüler de Fall.

Diskussionsronn huet mat enger Präsentatioun vum Chancegläichheitsministère (MEGA) ugefaangen.

Zu deene verschiddenen Aarbechtsberäicher vum Ministère de l'Égalité des chances gehéieren folgend Voleten: **Schoul a Beruff, Politik a Gesellschaft an d'Famill a Soziales.**

Et as tatsächlech nach ëmmer esou, dass nach zevill Jongen sech exklusiv fir technesch Beruffer interesséieren, wougéint een se net dacks genuch an de soziale Beruffer erëmfënnt. D'Meedercher géingen dogéint haaptsächlech sozial Karrièren aschloen. D'Aarbecht vum Ministère wier et an dësem Beräich awer, eppes un dëser Situatioun ze änneren, a sech anzesetzen, fir dass an den ënnerschiddleche Sektoren ee gudden Mix u Fraen a Männer entsteet.

Meedercher gi leider dacks ënnerschat an trauen sech deemno net esou vill zou an et feelt hinnen u Courage.



60% vun den Uni-Diplomer zu Lëtzebuerg sinn u Fraen verdeelt ginn, mee dacks bleiwe Fraen spéider eng Zeit laang doheem fir sech ëm d'Erzéiung vun de Kanner an ëm den Haushalt ze këmmen. Entretemps hu mir awer och zu Lëtzebuerg ee Succès ze verzechnen an emmer méi Männer huelen och hiere Congé parental.

D'Bestriewen vum Ministère waer och fir Beruff a Familljeliewen esou gudd wei meiglech ze verbannen, eng gudd Léisung wäer z.B. dass de Mann zu 75% schafft an d'Fra och, esou kéinten sech béid Partner ëm d'Kannererzéiung an Haushalt këmmen a genuch Zeit mat der Famill verbréngen.

Leider zécken och ganz vill Fraen fir sech eventuell selbstänneg ze maachen. Esou hu mir hei zu Lëtzebuerg

8.000 Betriber di sollen iwweholl ginn, mee wou leider ganz dacks keen do ass fir déi Relève ze huelen.

D'Mme Hetto huet explizéiert dass et an Zukunft eng Quotereegelung kéint ginn, déi d'Entreprise obligéieren eng bestëmten Unzuel vu Fraen an de Verwaltungsrot ze huelen. D'Mme Ministesch as awer weiderhin der Meenung dass een nach ëmmer no de Kompetenzen vun de Léit soll kucken.

Fir d'Gläichheet an de Betriber ze ënnerstëtzen, setzt de Ministère e spezifescht Instrument an: d'Actions positives. Mat Hëllef vum Ministère gëtt an de Betriber déi sech dru bedeelegen eng intern Enquête gemaacht, wou gekuckt gëtt wat een ännere kann, fir dass Fraen a Männer gläich behandelt ginn. De Ministère bidd den Entrepreneuren och d'Meiglechkeet un, un Hand vun engem speziell entwéckelte Programme, dem LOGIB (Lohngleichheitsinstrument für Betriebe), ze kontrolléieren ob die eenzel Employé(e)s fir hier Qualifikatioun korrekt bezuelt ginn.



Et ass och ganz wichteg, fir jonk Léit sech ze engagéieren, wéi z.B. an enger Jugendkommissioun oder an enger Sportkommissioun.

An deem Zesammenhang huet d'Ministesch d'Schüler encouragéiert, sech mat Politik ze befaassen. A wann et och nëmmen ass, fir eppes an der eegener Gemeng ze bewierken

En anert Thema zum Volet Gesellschaft ass d'Prostitutioun an wéi dëst Thema am Ausland gehandhabt gëtt. Vill Fraen prostituéieren sech einfach fir méi Geld ze verdingen, mee et gëtt och Jongen déi sech prostituéieren. Ganz wichteg ass et, dass déi Persounen besser protegéiert gin.

Zum Thema Famill a Soziales gehéiert och d'häuslech Gewalt. Mme Hetto-Gaasch huet kuerz d'Gesetz am Beräich vun der violence domestique beschriwwen an dass den Auteur vun Gewaltakten aus dem Haus ka verwise ginn an dat fir 10 Deeg. Während der Zeit huet d'Affer Zäit sech bewusst ze ginn wei et ka weider goen.

Ee Schüler stellt Fro wou d'Gewalt ufänkt an ob och verbal Attacken dozou gehéieren.

D'Mme Hetto erklärt weiderhin, dass et elo och eng Ulaflaatz fir Männer gëtt, dee sougenannten "infoMann". Och de Männer kann et no enger Scheedung psychesch schlecht goen oder wann sie hier Aarbechtsplaatz verluer hunn, oder héich verschëllt sinn.

No deene flotten Diskussiounen mat de Schülerinnen, huet d'Ministesch nach eng Kéier häerzlech merci gesot fir dei flott an animéiert Gespréichsronn.